



N°505  
Entrée le 20.03.2024  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Claude Wiseler  
Luxembourg, le 20.03.2024

Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/03/2024

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro n°142 hat ech mech beim Minister informéiert, wéi vill Luetstatiounen hei am Land installéiert sinn a wéi vill an deenen nächste Joren solle bäikommen. Speziell zu de Schnellluetstatiounen huet de Minister informéiert, dass Enn 2023 eng 216 ëffentlech zougänglech Schnellluetstatiounen mat méi wéi 22kW zu Lëtzebuerg stinn.

Elo ass et awer esou, dass net iwwerall Schnellluetstatioun dran ass, wou och Schnellluetstatioun dropsteet. Mir ass bekannt, dass verschidde Luetstatiounen gedrosselt sinn oder de Luedevirgang manner staark ass, wann zwee Autoen op enger Borne lueden.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass net all Schnellluetstatioun déi Leeschtung lueden, déi se uginnt?
2. Wéi eng Garantie hunn d'Clienten, dass déi Luetstatioun, wou se lueden, och tatsächlech dat luet, wat se uweist?
3. Ass et ierféierend Werbung, wa Luetstatiounen manner lueden, wéi dat, wat de Fournisseur verspricht? Misst Chargy deemno hei Adaptatiounen virhuele bei den Informatiounen, déi affichéiert sinn?
4. Wou kann den Chargy-Client sech informéieren, wéi eng Luetstatiounen an ënnert wéi enge Konditiounen net déi Leeschtung hierginn, déi se versprechen?
5. Hätt Creos genuch Capacitéit Stand haut fir déi versprache Leeschtung vun all de Bornë gläichzäiteg ze bréngen oder muss een Deel zu all Moment gedrosselt ginn?

Mat déiwem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



GOERGEN Marc  
Deputéierten

